**Evangelium vu Péngschten (um Virowend) (Joer A - B - C)**

**Joh 7,37-39**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*
*A. Dir all Éier, Här.*

37 Dee leschten, groussen Dag vum Fest
huet de Jesus sech dohi gestallt
a geruff:
"Jiddereen, deen duuschtereg ass,
soll bei mech kommen an drénken!
38 Wéi d'Schrëft sot:
Stréim vu liewegem Waasser fléissen aus dem Schouss vun deem,
deen u mech gleeft.[i]"

39 Domat huet hien de Geescht gemengt,
deen déi emfänke géifen, déi un de Jesus gleewen.
De Geescht war nämlech nach net do,
well de Jesus nach net verherrlecht war.

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[i] *Et ass net sécher, wat fir en Zitat heimat gemengt ass.*